# PROJET'EN

— BEISPILLER —



## HOCHBEET

Virum Jugendhaus hunn mir en Héichbeet gebaut a planzen am Kader vum "urban gardening-Schëffleng Projet" Notzplanzen zesumme mat Jugendlechen.

## BOULDERN

Boulderen ass Kloteren ouni Seel op gerénger Héicht, op Fielsbléck oder dobannen. Mir üben och op eiser eegener Boulderwand an fueren regelméisseg op Fontainebleau.

## ADVENTURE WINTER DAYS

Do ginn verschidden Wanter-Sportaarten ausprobéiert: Snowboard, Wanderen mat den Schnéischung, 'Eis-kloteren', Iwwernuechtung dobaussen...

## FOTO-VIDEO

Hei geet et dorëms eng DVD fir verschidden Zwecker zesummenzestellen, mat neien an ale Biller.

## MTB

Ab Fréijoer trainéiere mir erëm regelméisseg mam Mountainbike a fueren dann en Tour iwwert en ganzen Weekend oder méi laang zesummen.

## ANIMATEUR A, B, D

Formatiounen fir Jonker ab 16 Joer, déi wëllen am Kader vun Aktivitéiten oder Projet'en an der Betreiung mathëllefen.

## TREKKING

Zu Fouss oder mam Kanu sinn mir an ënnerschiddlechen Natur Reim ënnerwee..

# ZUKUNFTSDIPLOM ?

## Wat ass dat?

Den Diplom erméiglecht dir bei enger Bewerbung fir eng Aarbecht, däin perséinlecht Profil ze verbesseren. Fir ëmmer méi Patronen ass et wichteg ze wëssen, wat den eenzelen Kandidat niewent enger Schoul nach gemaach huet. Den Zukunftsdiplom kann genotzt ginn fir d'Attestation de l'Engagment auszestellen.

**INTERESSEIERT? | MELL DECH !**

10. rue de la Libération
Tel: 26 53 08 50
www.schefflenger-jugendhaus.lu
+352 26 53 08 50


Schëfflenger Jugendhaus

© cosymore.com

# ZUKUNFTSDIPLOM

— DENG CHANCE —

# ZERTIFIZÉIERUNG



ET HANDELT ET SECH ËM ENG ZERTIFIZÉIERUNG VUN DE **KOMPETENZEN**, DÉI WÄHREND DEN EENZELEN PHASEN VUN DEN PROJET'EN GELÉIERT GOUFEN.

Op der enger Säit ginn nei Techniken geléiert, op der anerer Säit gëtt op d'Verbesserung vu sougenannte soziale Kompetenzen gekuckt:

• Wann mir zum Beispill mam Kanu fueren, da léiert een niewent der Technik och eng ganz Partie sozial Kompetenzen, besonnesch am Beräich vun der Rolleverdeelung an der Kommunikatioun: fir e Kanu sécher duerch e Floss ze manövréieren brauch et d'Anhalen vun de Rollen an awer och eng ganz gelongen Kommunikatioun, anerefalls muss déi jeeweileg Equipe méi wéi eng Kéier erëm all hir Saachen an sech selwer aus dem Waasser fëschen.

# DÉI DRÄI ETAPPEN VUM BILDUNGSPROJET

Déi 3 Stufe sinn esou ugeluecht, dass se openeen opbauen an doduerch d'Entwécklung vum jonke Mënsch nohalteg fuerderen.

## LEVEL 1

### TEILNEHMERLEVEL

5 selwer gewielte Projeten

## LEVEL 2

### MENTORLEVEL

Iwwerhuele vu Mentoraufgaben bei 5 Projeten.
Hei gëtt de Jugendlechen seng geléiert Kompetenzen un e Kolleg weider.

## LEVEL 3

### INKLUSIOUNSLEVEL

Nach emol erweidert de Jugendleche seng Mentorkompetenzen am Déngscht vu Jonker mat besonnesche Bedürfnisser.

